

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden:

„D’Lëtzebuenger Arméi huet hautdesdaags eng gréisser Unzuel un usprochsvollen Aufgaben ze bewältegen. Nieft internationale Friddens- an Ausbildungsmiessiounen ass d’Arméi och a Krisegebidder aktiv, an hëlleft ënner anerem am Fall vun Naturkatastrophen a vu Pandemien. Fir déi Panoplie u Missiounen beschtméiglech ze garantéieren, spillt d’Rekrutéierung vun engagéierten Zaldoten eng primordial Roll. An deem Kontext ass eis zu Ouere komm, dass de Rekrutéierungsbüro vun der Arméi um Boulevard Royal an der Stad, deen zanter September 2016 fonctionéiert, an noer Zukunft soll zougemaach ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Verdeedegungsminister folgend Froe stellen:

- *Kann den Här Minister dës Informatiounen bestätegen?*
- *Wa jo, wat sinn d’Grënn dofir?*
- *Ass geplangt, fir en neie Büro op enger anerer Plaz opzemaachen?*
- *Ass eng Rekrutéierungscampagne fir d’Arméi virgesinn, esou wéi dat beim CGDIS a bei der Police de Fall war?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



Gusty GRAAS
Deputéierten



André BAULER
Deputéierten